



Lëtzebuerg, de 4. Januar 2025

**Léif Frënn vum Naturmusée  
Chers Amis du Musée national d'histoire naturelle**

Viru ronn 50 Joer goufen an Äthiopien d'Schanke vum Lucy, engem (warscheinlech) weibliche Virmënsch fonnt. Dës Entdeckung huet de Fuerscher e komplett neie Bléck op d'Evolutioun vun de mënschleche Virfaren erlaabt.

Zanter 14 Deeg steet eng Installatioun mat enger wëssenschaftlecher Reproduktioun vum Lucy am Evolutiounssall vum natur musée.

Am Klader vun dëser Installatioun präsentéiert de Claude Meisch de Frënn vum natur musée d'Lucy mat engem Virtrag:

**50 Joer no senger Entdeckung:**

**Wat ass d'Plaz vum Lucy am Stammbam vun de Mënschen?**

**Samschdes, den 18. Januar um 16.00 Auer am natur musée.**

De Claude Meisch ass pensionnéierte Biologiesprofessor, wëssenschaftleche Mataarbechter vum natur musée, laangjäreg President an haut Member vum Comité vun de Frënn vum naturmusée. Hien interesséiert sech zanter Jore fir d'Evolutioun vun der *lignée humaine* an hält reegelméisseg Formatioune fir Enseignantë vum Secondaire zum Thema.

Dono invitéieren d'Frënn hir Memberen op e **Neijooschdagspatt** an der Cafeteria vum natur musée.

**RDV am Hall vum natur musée um 15.45 Auer.**

**Umeldung erwünscht per Mail bis spéitstens Mëttwochs, de 16. Januar op [info@amnhn.lu](mailto:info@amnhn.lu)**

.

Mat beschte Gréiss a gudde Wënsch vum ganze Conseil d'administration

Geneviève Faber, Sekretärin



Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg  
tel.(+352)462233-1 – [info@amnhn.lu](mailto:info@amnhn.lu) - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 - [www.amnhn.lu](http://www.amnhn.lu)